Emile Gruber,

14 A Rue de Diekirch

L-7440 L i n t g e n.

Lintgen, le 30 septembre 1999

A la Fédération des Enrôlés de Force, victimes du nazisme,

Luxembourg, 3A rue de la Déportation.

Monsieur le Président  et chers camarades,

C'est avec un grand regret que je soussigné Emile Gruber dois vous présenter ma démission au sein de l'Association ainsi que de la Fédération. Plusieurs événements malheureux dans ma famille m'ont pris à l'improviste, qu'il ne me reste plus de temps à remplir les devoirs engagés: soit la rédaction du bulletin „Les sacrifiés" ainsi que la tâche de trésorier de l'Association, en plus l'organisation de la commémoration des victimes de Slonsk. En ce qui concerne le bulletin, je remets tout à mes collaborateurs: Norbert Melcher et Nic.Champagne. Toutefois je vais remplir ma charge de trésorier jusqu'à la fin de cette année pour confier alors ma charge à un des trois éminents reviseurs de caisse,qui remplira certainement d'une façon plus remarquable la fonction de trésorier.

Pour vous expliquer les événements cités plus haut, ça aboutira dans une litanie qui vous embêterait inutilement.

Notez bien que je maintiendrai la charge m'imposée dans la Chorale avec la collaboration de notre camarade Paul Nilles. D'autre part je reste trésorier dans l'amicale des EDF à Ettelbruck.

Veuillez agréer, chers amis et compagnons d'infortune, l'expression des mes grands regrets en vous souhaitant une vive continuation des efforts pour réussir à la réalisation des objectifs fixés. Bien à vous,

Association des Enrôlés de Force | Victimes du Nazisme

A. S. B. L.

Novembre 1999

*Zirkulär un all eis Sekziounen*

*Sekzioun:* ______________

Léif Comitesmêmberen,

Heimat schécke mir Iech d'Lëscht vun de Mêmberen vun Ärer Sekzioun esou wéi si am Computer sin.

Deemno sin : ________ Mêmberen X Cotisatioun (30 fr) ______________
________ Abonnementer X 150fr fir de Bulletin "Les Sacrifiés" ______________
*Am Total* : ______________

un den Associatiouns-Caissier Emile GRUBER Postscheck N° 31324-90
Association des Enrôlés de Force Postkëscht 2415 L-1024 Lëtzebuerg ze iwerweisen.

Détailléiert d'Zomm op dem Coupon vun Ärer Iwerweisung. Iwerweist dës ganz Zomm wann-ech-glift fréestenz no dëm 1. Januar 2000 mé speitestens définitif Ofrechnung den 31. März 2000.

Separat - Heimadde schécke mir Iech ________ Mêmberskaarten.

Dir braucht dem Zentralcomité kéng nei Lëscht ze schécken, awer Changementer an zwar mat dem Formelär wéi en als Modell derbäi läit.
Un d'Adress : Jos. Weirich 21, rue Jean Wolter L-3544 Diddeléng.

********

Denkt drun dass d'Demanten fir den Ruban en Or oder Argent bis speitstens den 1. März 2000 beim Zentralcomité musse sin. Den Artikel 4 vum Reglement, dat all Sekzioun vir d'lëscht de 6.1.1989 geschéckt krut an un dat sëch och de Zentralcomité hâle muss seet :

a) mat *RUBAN en Argent* gin Mëmberen an Eiremëmberen ausgezeechnet :
   1. fir aussergewéinlech Verdingschter am Kader vu Sekziounen mat opfälend gudden Organisatiounen, fir Leeschtungen, déi besonnesch ervirsträchen.
   2. fir langjähreg an tréi Déngschter am Kader vun énger aktiver Sekzioun.
b) mat *RUBAN en Or* fir Aktiviteiten an Verdéngschter déi, déi ënner a) genannten bei wätem iwersteigen.

*Den Artikel 7 seet :*

All Sekziounscomité muss séng Propositiounen prioriteitsmésseg opstellen an fir all virgeschloene Mêmber eenzel séng Aktiviteit begrënnen am Kader vun der Sekzioun's Aktiviteit. Haalt Iech un d'Reglement wëll soss och den Zentralcomité dem fleit verdingschtvolle Mêmber kee Ruban zousprìechen kann.

*********

An dësem Couvert as och éng Neijoosch-Gratulatiounslëscht derbäi. Tarif 100fr. Wann d'Nimm am N°6 vum Bulletin 99 solle stoën da muss d'Lëscht bis speitstens den 18. Dezember 99 beim OLSEM Emile, 5, rue de Schifflange L-3676 Kayl sin. D'Iwerweisung vun de Beträg w.e.gl. un de Caissier Emile Olsem, Postscheck N° 31329-95, Fédération des Victimes du Nazisme Enrôlés de Force, Postkëscht 2415 zu L-1024 Lëtzebuerg.

*********

Den Zentralcomité seet Iech all fir déi trei, gutt a prompt Mataarbecht an der Vergaangenheet wéi an der Zoukonft an häerzlechen a komerodschaftleche Merci a gréisst mat de bäschte Wënsch fir 2000

Fir den Zentralcomité

J. WEIRICH
President

**Fédération des Victimes du Nazisme, Enrôlées de Force** a.s.b.l.

Boite postale n° 2415
L-1024 LUXEMBOURG-GARE

November 1999

*Zirkulär un déi fédéreiert Associatiounen*

*Amicale:* ______________

Léif Comitesmêmberen,

Heimat schécke mir Iech d'Lescht vun de Mêmberen vun Ärer Amicale esou wéi si am Computer sin.

| | | | |
|---|---|---|---|
| Deemno sin : | ________ | Mêmberen X Cotisatioun (10 fr) | ____________ + |
| | ________ | Abonnementer X 150fr fir de Bulletin "Les Sacrifiés" | ____________ |
| | | *Am Total* : | ____________ |

un den Fédératiouns-Caissier Emile OLSEM Postscheck N° 31329-95
Fédération des Victimes du Nazisme Enrôlés de Force
Postkëscht 2415 L-1024 Lëtzebuerg ze iwerweisen.

Détailléiert d'Zomm op dem Coupon vun Ärer Iwerweisung.
Iwerweist dës ganz Zomm wann-ech-glift bis spéitstens den 28. Februar 2000 fir dass och all Member säi "Bulletin" kritt.

Dir braucht dem Zentralcomité kéng nei Lëscht ze schécken, awer Changementer an zwar mat dem Formelär wéi en als Modell derbäi läit.
Un d'Adress : Jos. Weirich 21, rue Jean Wolter L-3544 Diddeléng.

An dësem Couvert as och éng Neijoosch-Gratulatiounslëscht derbäi. Tarif 100fr. Wann d'Nimm am N°6 vum Bulletin 99 solle stoën da muss d'Lëscht bis spéitstens den 18. Dezember 2000 beim OLSEM Emile, 5, rue de Schifflange L-3676 Kayl sin. D'Iwerweisung vun de Beträg w.e.gl. un de Caissier Emile Olsem, Postscheck N° 31329-95, Fédération des Victimes du Nazisme Enrôlés de Force, Postkëscht 2415 zu L-1024 Lëtzebuerg.

Den Zentralcomité seet Iech all fir déi trei, gutt a prompt Mataarbecht an der Vergaangenheet wéi an der Zoukonft an häerzlechen a komerodschaftleche Merci a gréisst mat de bäschte Wënsch fir 2000

Fir den Zentralcomité

J. WEIRICH
President